ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. Mäerz 2022

Här President,
esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister an un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

Alldeeglech gi Mënschen an der Ëffentlechkeet oder doheem un der Hausdier vu Spendesammler ugesprach. Och iwwer Online-Déngschter a Broschüre ginn d'Leit reegelméisseg zu Spenden opgeruff. Esou luewenswäert a mënschefrëndlech esou Initiativen och kënne sinn, muss een awer bedenken, datt leider net all vun dësen Organisatiounen éierlech sinn. Ënnert deenen Organisatiounen an Initiativen, déi allgemeng bekannt sinn, sinn der vill, déi net ëmmer bekannt ginn, wat mam Geld geschitt, dat hinne vu Privatleit gespent gëtt.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Häre Ministeren:

1) Mussen zu Lëtzebuerg Sammlunge vu Geld- an anere Spende bei der Verwaltung ugemellt sinn bzw. offiziell approuvéiert sinn?
2) Hunn d'Bierger d'Recht, sech vun de Spendesammler eng offiziell Geneemegung weisen ze loossen? Wa jo, op wat mussen d'Leit an dësem Fall besonnesch oppassen?
3) Wéi vill Hëllefsorganisatioune sinn hei am Land offiziell als „d'utilité publique" unerkannt?
4) Si Wueltätegkeetsveräiner, Stëftungen, Hëllefsorganisatiounen, asw. dozou verflicht, ee Joresbericht virzeleeën, wou genau opgelëscht ass, wat mat de Spende passéiert ass? Wa jo: Muss dee Joresbericht am „Registre de commerce" publizéiert ginn? Wéi eng Sanktioune gi géint Verstéiss applizéiert? Sinn an deem Sënn schonns Wueltätegkeetsorganisatioune verbuede ginn?
5) Gëtt de Staat Richtlinnen oder Recommandatiounen un d'Hëllefsorganisatiounen eraus, wéi vill Prozent vun de Spende fir „de gudden Zweck" benotzt muss ginn? Wa jo, wéi héich ass dee Prozentsaz?
6) Wéi eng Opklärungsaarbecht leescht de Staat am Hibléck op d'Vertrauenswierdegkeet vun zivilgesellschaftlechen Organisatiounen, déi Spende sammelen? Ginn et an deem Kontext Campagnen, déi viru Spende mam Smartphone warnen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten